N°2163
Entrée le 13.05.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 2163 vum 1. Abrëll 2025 vum honorabelen Deputéierten Här Marc Goergen.**

1. *Wéi vill Enquêten huet de Collège médical zënter 2019, opgelëscht pro Joer, beim Parquet oder bei der Gesondheetsdirektioun ugefrot?*

Zwëschen 2019 an 2024 huet de Collège médical 13 Dossieren/Enquêten beim Parquet an 18 bei der Gesondheetsdirektioun ugefrot. Heidrënner ass den Detail vun de Joren 2009 bis 2024 ze fannen.

| Joer | Parquet | DISA |
|---|---|---|
| 2009 | 1 | 0 |
| 2010 | 1 | 0 |
| 2011 | 3 | 0 |
| 2012 | 1 | 0 |
| 2013 | 2 | 0 |
| 2014 | 0 | 0 |
| 2015 | 0 | 0 |
| 2016 | 0 | 0 |
| 2017 | 2 | 2 |
| 2018 | 0 | 4 |
| 2019 | 0 | 3 |
| 2020 | 1 | 2 |
| 2021 | 0 | 2 |
| 2022 | 1 | 4 |
| 2023 | 1 | 1 |
| 2024 | 0 | 0 |
| **Total** | 13 | 18 |

2. *Wéi oft huet de Conseil de discipline zënter 2019, opgelëscht pro Joer, Sanktiounen decidéiert?*

De Conseil de discipline decidéiert an der Moyenne 2 bis 3 Sanktiounen pro Joer.

3. *Duerch den Artikel 19 vum Gesetz gesäit eng Verjärungsfrist fir Disziplinarmoossname vir, déi de Conseil de Discipline. Dës Verjärungsfrist schéngt och dann ze gëllen, wa scho bei der Justiz eng Affairen an der Prozedur ass, wat an de Vergaangenheet zu Verjärunge gefouert huet, wéi ee Land-Artikel vum 17te Februar 2012 et beschreift.*

- *Wéi oft sinn zënter 1999 Dossiere vum Conseil de Discipline wéinst Verjärungen refuséiert ginn?*

Zenter 1999 gouf 1 Dossier wéinst Verjärung vum Conseil de Discipline refuséiert.

○ *Wäert d'Regierung Ännerungen um Gesetz virhuelen, fir dofir ze suergen, dass d'Verjärungsfrist entweder eropgesat gëtt, oder d'Verjärung am Fall vun enger lafender Geriichtsaffär zum selwechten Dossier net gëllt? Falls nee, firwat net?*

De Ministère fir Gesondheet a sozial Sécherheet ass amgaangen d'Gesetz vum Collège médical unzepassen, dëst an enker Zesummenaarbecht mam Collège médical.

Lëtzebuerg, den 13. Mee 2025

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez